

Corps grand-ducal d'incendie
et de secours
Direction
1, rue Stümper
L-2557 Luxembourg

CIS Bettembourg
Un all d'Fräiwëlleger
2, rue J-H Polk
L-3275 Bettembourg

Bettembourg, den 3. Mäerz 2020

Oppene Bréif vun de Fräiwëllegen aus dem CIS Bettembourg

Léiw Direktioun vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours,
Léiwe Conseil d'Administration vum CGDIS,

Am Numm vun allen dëse Bréif ënnerschreiwende Fräiwëllegen aus dem CIS Bettembourg erlaabe mir eis et, Iech e Bréif mat eisem Uleies zoukommen ze loosse. Déi lescht Wochen a Méint ass vill iwwert **de gemeinsamen Zenter Beetebuerg-Diddeleng** an der Press diskutéiert ginn. E Projet deen, sou de President vum CA Alain Becker am RTL-Interview, virun enger Reih Joeren vum Zenter Diddeleng gestart ginn ass. Vun dëser Aussoo wëlle mir als Fräiwëlleger eis direkt distanzéieren, well dëst net der Wouerescht entsprécht. Schon am Joer 2010 ass vu Säite vum CIBETT eng Fusioun tëscht béiden Zenteren an d'Gespréich bruecht ginn. E Projet dee laang Joere blockéiert ginn ass. Elo ze soen, dass Diddeleng d'Fiederféierung an deem Projet hat, entsprécht net der Realitéit.

Mir als Fräiwëlleger **stinn enger Fusioun a kenger Hisiicht an de Féiss**, am Géigendeel, mir begrëssen en effikasst an gutt opgestalltent Rettungswiesen an eiser Géigend. D'Aart a Weis wéi hei bei dësem Thema awer säitens dem CGDIS gehandelt ginn ass, kenne mir als Fräiwëlleger netméi ënnerstëtzen. Mir sinn eis bewosst, dass et weeder u Fräiwëllegen nach un eiser Féierung ass, fir en Terrain fir e gemeinsamen Zenter ze sichen, dat fuerdere mir och guernet. Mir bedauern awer, dass **beim CGDIS ni den Dialog gesicht ginn** ass mat de Fräiwëllegen aus béiden Zenteren. Dass dës Fusioun e Pulverfaass ass, dat all Moment riskéiert ze explodéieren, ass spëtstens säit der Versammlung mam deemolege Minister Dan Kersch zu Esch/Belval bewosst. Och wann, wéi de Generaldirekter am Luxemburger Wort zitéiert ginn ass, dësen Zenter virun allem vu beruffleche soll besaat ginn, sou wëlle mir als Benevol, déi dësen Hobby mat Häerz a Séil maachen, net dass dës Fusioun duerch eng Intransparenz dozou féiert, dass der vill vun eis den Helm un de Kroop hänken. Eng Fusioun déi, sou den Dan Kersch deemols, souwisou just stattfennt, wa béid Zentere giffen dofir stëmmen.

De Standuert vun engem neien Zenter ass eis och als Fräiwëlleg wichteg. Eis ass et eegal, op et en Terrain op der Gemeng Beetebuerg oder Diddeleng ass, eis ass d'Aart a Weis wéi den Terrain gewielt gouf awer net eegal. Mir wëlle net, dass e Standuert vun engem Zenter, wou et dorëms geet, Menschen schnellst- a beschtméiglech ze hëllefen, fir **politesch Spillecher** mëssbraucht gëtt! En Terrain soll op der **taktesch sënnvollster Plaaz** leien, an déi ka net politesch entscheed ginn, mä just duerch eng kompetent Standuertanalyse. An bei souenger Analyse soll da net just een gewünschten Terrain berücksichtegt ginn, mä all Terrain deen proposéiert gëtt, eegal op wéiengem Site, eegal hannert wéienger Gemeengrenz. E Site vun engem gemeinsamen CIS soll natierlech virun allem de gréisstméigleche Beräich oofdecken, fir dass souvill wéi méiglech Leit an der schnellstméiglecher Zäit gehollef kréien. Ma och d'Accessibilitéit ass wichteg (mir wëssen, dass hei baal just nach Garde casernée gemaach gëtt), ma an awer mussen déi Fräiwëlleg och fir hier Garde an den CIS kommen, och mannerjähreger ouni Führerschäin déi op den öffentlechen Transport ugewise sinn oder Jugendpompjeeën. Och soll en Zenter visibel sinn fir de Public. En Zenter steet fir Sécherheet a stäerkt d'Sécherheetsgefill an der Gesellschaft.

Mir schreiwen dëse Bréif, well mir als Fräiwëlleger aus dem CIS Bettembourg netméi einfach just nokucke wëllen. **Eis läit vill un eisem Hobby** ma virun allem läit eis vill drun dass d'Leit séier gehollef kréien. Dofir biede mir all Responsabel vum CGDIS och bei dësem Thema **d'Neutralitéit ze respektéieren**. Eng Neutralitéit, déi och bedeit, dass wann en Terrain oder soss Entscheedungen zum Thema BETT-DUD getraff ginn, entweder gläichvill Leit mat Verbindung vu béiden CIS mat abezunn ginn, oder awer d'Leit am CA oder der Direktioun déi eng aktuell oder vergaange Verbindung zu engem vu béiden Zenteren hunn, sech bei all den Entscheedungen eraushaalen!

Och **biede mir dorëms**, dass de **Standuert nach eng Kéier kompetent ënnersicht** gëtt. Och wann ee schon alleng mam bloussen Aen gesäit, dass beim Terrain Husky e grouse Beräich vum Radius a Frankräich läit, sou bedeit dat net dass mir dësen Terrain oofleenen, ma mir wëllen dass dësen, genau wéi och deen vun der Gemeng Beetebuerg proposéierten Terrain analyséiert gëtt an **d'Entscheidung opgrond vu Fakte** getraff gëtt.

Eng Fusioun bedeit d'Zesummeleeën vun 2 Zenteren. Dofir wëlle mir och, dass **béid Zenteren a béid Gemengen equivalent** an de Prozess **intégréiert** ginn, a net een CIS schonn lauter Infoen huet, an deen aaneren iwwe näischt informéiert ass. Och sollte béid Gemengen, eegal wéieng politesch Farw, gläichberechtegt Partner sinn.

Net zu lescht läit et eis um Häerzen, dass den **Dialog mat de Fräiwëllege** gesicht gëtt. Mir all wëssen, dass grad den Zenter Beetebuerg-Diddeleng, oder Diddeleng-Beetebuerg wéi e vum CGDIS ëmmer gefouert gëtt, fir vill Spannunge suergt. An **mir all wëssen och, duerch wat dës Spannungen zu staane kommen**. Dofir hoffe mir, dass dir als Verantwortlech vum CGDIS den Dialog mat eis sicht, fir dass dës Spannungen kennen op d'Säit geluecht ginn, a mir eis Fräiwëlleger och weiderhin eisen Hobby mat vill Freed kenne maachen.

